

Pastoralregion Norden

Clerf: Samstg, 15 Uhr, Tauffeier in Clerf. Sonntag, Ausstellung „Géff der Léift ee Gesicht“ vom C.P.V. in der Dekanatskirche; 9 Uhr, Messe in Reuler; 10 Uhr, Hochamt in Clerf; 16.30 Uhr, Aussetzung des Allerheiligsten und stilles Gebet in Clerf; 17.30 Uhr, Bestunde am Weltgebetstag für geistliche Berufe in der Dekanatskirche; 18.30 Uhr, Messe zum Abschluss des Bettages. Clervaux (Abbaye): Dimanche, 10.30 heures, messe; 17 heures, vèpres. Prières en français et chants grégoriens. Weicherdingen: Samstg, 19.30 Uhr, Messe. Weiswampach: Samstg, 18.30 Uhr, Vorabendmesse.

Léiler: Samschdeg, 18.30 Auer, Virowendmass fir d'Par. Maarnech: Samschdeg, 15.30 Auer, Hochzäitsmass. Munzen: Sonndeg, 18.30 Auer, Owesmass.

Pfarrverband Pintsch

Draufelt: Samsdig, 16 Auer, Daffeier; 19 Auer, Mass. Knapphouschent: Sonndig, 9.15 Auer, Mass. Lellgen: Sonndig, 10.45 Auer, Kiermesmass. Mäerkels: Sonndig, 16.30 Auer, stëll Anbetung; 17 Auer, Bietstonn; 18 Auer, feierlich konzelebriert Mass mat Festpredigt vum Chanoine Michel Schmit.

Pfarrverband Ufflingen - Wintger

Asselborn: Samstg, 18 Uhr, Messe. Dönnigen: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Fünfbrunnen: Sonntg, 8 Uhr, Messe. Helzingen: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Hoffelt: Samstg, 17.30 Uhr, goldenes Hochzeitshochamt. Huldigen: Sonntg, 9.30 Uhr, Wortgottesdienst. Lulligen: Samstg, 18 Uhr, Messe. Niederbesslingen: Sonntg, 10.45 Uhr, Hochamt. Oberwampach: Sonntg, 9.30 Uhr, Hochamt. Stockem: Sonntg, 9 Uhr, Messe. Trotter-Strasse: Sonntg, 10.45 Uhr, Donatushochamt mit Festprediger Chanoine Michel Schmitt. Ufflingen: Sonntg, 9.30 Uhr, Hochamt mit Ansprache von Fel. Schannel. Wilverdingen: Samstg, 19 Uhr, Hochamt mit Ansprache von Fel. Schannel.

Pfarrverband Hosingen - Hoscheid

Baastenduerf: Sonndeg, 9.15 Auer, Mass. Braneburg: Sonndeg, 10.15 Auer, Kiermesmass an duerno Seene vun de Grieven. Eesbich: Sonndeg, 10 Auer, Wuertgotesdängscht. Houschent: Samsdeg, 18.30 Auer, Mass. Houschter-Déckt: Sonndeg, 19.30 Auer, alternativt Gebiet mam Thema „Kierchlech Buffer“. Housen: Sonndeg, 9.15 Auer, Mass. Holztem: Samsdeg, 18.30 Auer, Mass. Léppschent: Sonndeg, 10.30 Auer, Mass. Mierschent: Sonndeg, 10 Auer, Mass. Roudersen: Sonndeg, 10 Auer, Wuertgotesdängscht. Schlännermannisch: Samsdeg, 19.30 Auer, Mass. Wuessen: Samsdeg, 19.30 Auer, Mass.

Pfarrverband Wiltz

Bärel: Samsdig, 19 Auer, Rousekranzgebiet. Dol: Sonndig, 15 Auer, Daffeier. Donkels: Samsdig, 19.30 Auer, Rousekranzgebiet. Erpeldang: Sonndig, 18.30 Auer, Rousekranzgebiet.

Pfarrverband Marnach - Heinerscheid

Hengescht: Sonndeg, 9.30 Auer, Mass fir d'Par. Hépperdang: Sonndeg, 10.45 Auer, Mass fir d'Par.

Eschduerf: Sonndig, 9.30 Auer, Houmass; 12.15 Auer, Kanddaf. Géisdref: Sonndig, 10.30 Auer, Houmass. Grëmmescht: Sonndig, 9 Auer, Mass. Heischent: Sonndig, 10.30 Auer, Houmass an uschlëssend Prässioun zu Eiere vum hl. Donatus. Metscheed: Samsdig, 19 Auer, Mass.

Nidderwooltz: Samsdig, 19 Auer, Kiermesmass zu Eiere vun de Kierchepatréiner Péter a Paul. Noutem: Samsdig, 19 Auer, Rousekranzgebiet. Owerwooltz: Sonndig, 10.30 Auer, Houmass op der Festivalplaz bei Geleeënheet vum 50. Anniversaire vum Weeltzer Festival. Toodler: Samsdig, 18 Auer, Mass.

Pastoralregion Zentrum

Bëschdref: Sonndig, 10 Auer, Kiermesmass. Etelbréck (CHNP): Sonndeg, 8.30 Auer, Mass an der Kapell. Mëtzuoch, 16.30 Auer, Mass an der Cafeteria. Etelbrück: Samstg, 16.30 bis 17 Uhr, Beichtgelegenheit; 19 Uhr, Vorabendmesse; 20 Uhr, Gebet für kirchliche Berufe mit der „Pastorale des vocations“. Sonntg, 10.15 Uhr, Hochamt; 19 Uhr, Abendmesse. Feulen: Samstg, 19 Uhr, Kirmesmesse in der Pfarrkirche; anschließend Gräbersegnung. Dienstag, 18.30 Uhr, Firmung von 14 Jugendlichen aus Mertzig und Feulen in der Pfarrkirche Feulen. Gilsdorf: Samstg, 19 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.30 Uhr, feierliches Hochamt. Ierpeldeng/Bierden: Samsdeg, 19 Auer, Mass zu Ierpeldeng. Zu Bierden ass kee Gottesdängscht. Iewerleng: Samschdeg, 19 Auer, Virowendmass. Mertzig: Sonntg, 10.30 Uhr, Hochamt. Rippweiler: Sonndeg, 9 Auer, Mass. Schandel: Keng Mass dese Weekend. Useldeng: Sonndeg, 10.30 Auer, Houmass fir d'Par.

Iermsdrëf: Sonndeg, 15 Auer, feierlech Daf. Larochette: Samsche, 10.30 heures, messe en langues française et portugaise. Medernach: Samschdeg, 19.30 Auer, Virowendmass. Steeën: Samschdeg, 18 Auer, Radiomass.

Pfarrverband Grosbous

Bieberg: déi um Parbrëif fir Sonndeg um 10.45 Auer ugekënnegt Mass fällt aus. Groussbus: Samsdeg, 19 Auer, Virowendmass. Viichten: Samsdeg, 19 Auer, Virowendmass.

Pfarrverband Mersch

Angelsberg: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Beringen: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse. Bissen: Samstg, 15.30 Uhr, Vorabendmesse mit Hochzeit. Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Blascheid: Sonntg, 9.15 Uhr, Messe. Hünsdorf: Samstg, 19.30 Uhr, Vorabendmesse. Lintgen: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse. Dimanche, 9 heures, messe en portugais. Mersch: Samstg, 19.15 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.45 Uhr, Messe im Kinderdorf. Dimanche, 19 heures, messe en français. Pettingen: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe im Hof der Burg Pettingen. Reckingen: Sonntg, 9 Uhr, Messe. Rollingen: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe.

Pfarrverband Fels

Cruuchten: Samschdeg, 19.30 Auer, Virowendmass. Chrëschtnech: Sonndeg, 10 Auer, feierlech Mass an duerno Prässioun. Fiels: Samschdeg, 15.30 Auer, Virowendmass mat Hochzäit.

Pastoralregion Osten

Consdorf: Samstg, 17 Uhr, Firmung. Sonntg, 17 Uhr, Messe im Altersheim.

Scheidgen: Montag, 19.15 Uhr, Messe.

Pfarrverband Grevenmacher

Berburg: Samstg, 18 Uhr, Messe. Sonntg, 11 Uhr, Messe im Blindenheim. Biwer: Sonntg, 10.15 Uhr, Messe.

Grevenmacher: Samstg, 18.30 Uhr, Messe. Sonntg, 10.30 Uhr, Messe. Lellig: Sonntg, 10.30 Uhr, Messe.

Manternach: Sonntg, 9 Uhr, Messe.

Münschecker: Sonntg, 10 Uhr, Messe.

Wecker: Sonntg, 9 Uhr, Messe.

Pfarrverband Rosport - Mompach

Born: Sonntg, 19.30 Uhr, Abendmesse.

Dickweiler: Sonntg, 10 Uhr, Festmesse mit Fahnenweihe.

Girsterklus: Sonntg, 16 Uhr, Herz-Jesu-Anacht. Dienstag, 15 Uhr, Festmesse.

Mompach: Samstg, 16.30 Uhr, Hochzeitsmesse. Sonntg, 14.30 Uhr, Tauffeier.

Rosport: Sonntg, 9.30 Uhr, Hochamt.

Steinheim: Samstg, 18.30 Uhr, Vorabendmesse.

Pfarrverband Remich

Bech: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse.

Bous: Samstg, 19.30 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 10.30 Uhr, Hochamt.

Canach: Sonntg, 10 Uhr, Hochamt.

Lenningen: Sonntg, 9.15 Uhr, Hochamt.

Remich: Samstg, 18 Uhr, Vorabendmesse. Sonntg, 9.15 Uhr, Hochamt (Foyer Ste-Elisabeth); 10.30 Uhr, Hochamt; 18 Uhr, Abendmesse.

Trintingen: Keine Messe.

Pfarrverband Widdenberg

Betzdorf: Sonntg, 10 Uhr, Hochamt im Kloster. Flaxweiler: Sonntg, 9.30 Uhr, Hochamt; 16 Uhr, Tauffeier.

Mensdorf: Sonntg, 10.45 Uhr, Hochamt.

Roodt/Syr: Samstg, 18.45 Uhr, Vorabendmesse.

Pfarrverband Wormeldingen

Ahn: Sonntg, 10.15 Uhr, Messe.

Beuren: Sonntg, 9.30 Uhr, Messe.

Ehnen: Samstg, 18.30 Uhr, Messe.

Gostingen: Sonntg, 9 Uhr, Messe.

Machtum: Sonntg, 11 Uhr, Hochamt.

Niederdonven: Sonntg, 9.45 Uhr, Hochamt.

Oberdonven: Samstg, 18 Uhr, Messe.

Oberwormeldingen: Sonntg, 8 Uhr, Messe.

Wormeldingen: Samstg, 19 Uhr, Messe. Sonntg, 10 Uhr, Hochamt.

Weil man hie und da ein bisschen mehr wissen muss:



eng KLACK fir eis Sprooch 82

„Eiser Lidder“

C.B. – Jidderee vun äis weess, wéi dat geet: Wann et lëschteg ass an ee mat Sangen ufängt, da stëmme den aner mat eran: „Kanner, o Kanner, o quel malheur, mir mussen aus der Rue des Fleurs...“. Mä gemenkerhand bleiwe mer dann och an der 'rue des Fleurs' stoen, well bis op de Refrain vum Lidd kënn net méi vill no, héchstens nach e bësse Genurels, vläicht nach deen een oder deen anere Saz aus enger Stroph. Ower domat huet et sech dann, oder?...

Datt et awer och anescht geet, hunn ech des lescht matkrit, an zwar an der Päischtvakanz mat engem Verain op der Rees. Well et do jo alt emol deen een oder aneren Ament vu gesellem Zesummesitt gëtt, hat ech derfir gesuergt, datt jiddereen aus eisem Grupp der Actioun-Lëtzebuergesch hiert Gesankbuch „Eiser Lidder“ bei sech hat. A wierklech: wéi mir esou an engem gemittliche Kader bei engem duffe sègge Pättchen an engem gehäerzte Maufel zesummesouzen, do foung op emol een un ze sangen. Spontan huet een deem aneren d'Sait am Buch gesot, an esou koun et, datt herno eis ganz Gesellschaft mat Leif a Seil matgesongen huet. Dëscherweis goufen déi 37 Strophe vum Jabbo senger Kap gesong; bei all 'deem goung esou wäit, datt de klenge Museksensibel, deen am Restaurant spille sollt, guer net méi bei äis komm ass, well mir esou am Jumm waren, datt mer hirer net méi gebraucht hunn.

Bei enger anerer Geleeënheet hate mer dann och nach e Piano am Sall. Et huet net laang gedauert, dunn hat een „Eiser Lidder“ drop opgeschon an huet den Toun ugin; d'Lidder si komm wéi op „Papje-musek“! A wéi sot aus eisem Grupp zu mir: „Dat do war mol rëm eng Kéier richtig flott! Wéini hu mir fir d'lescht esou zesumme gesongen!“

Der Actioun Lëtzebuergesch hiert Bichelchen „Eiser Lidder“ hat op jiddellaf op där Rees säin Dëngscht gemaach. Vlächtt gëtt et jo och nach bei anere Veränsgeleehethee matgeholl, an dat klenge Investissement ass wierklech dowäert. Huet dir et nach net? Da frof iech et am Bicherbutek oder op enger vun eisen Adressen. De Präis? Net méi wéi en Teller Spaghettien!

Lëtzebuurger „Stécker“

R.Z. – Et misst am Fong villen opgefäll sinn, datt eis Sprooch an de leschte Joeren duerch déi grouss Dier erëm op d'Theaterbühn komm ass. Natierlech hunn et ëmmer gutt Iwwersetzungen aus anere Sproochen an d'Lëtzebuergesch äis vill Freed gemaach... wann de lëtzebuergesch „Auteur“ eierlech genuch war, fir ze soen, wou hien säi „Material“ hier hat, a wann säin Talent als Iwwersetzer äis opgefäll ass.

An der lescht ginn over nees méi Theaterstécker original an eiser Sprooch geschriwwen, wou dat Bannescht an dat Bausseg (d'Sprooch) „klavéieren“. Duerch déi national Präisser sinn äis ëmmer méi sympathesch Nimm vu Leit bekannt ginn, déi mat Sketcher. Revüen a grouss Stécker eiser Literatur an der Sprooch all Eier gemaach hunn... Greisch, Rewenig, Schuster, Pütz, Christen asw. sinn äis e Begrëff fir eierbar oder esouguer besonnesch Qualitéit. E Revüe-Titel wéi „Damp an der Kichen“ passt sproochlech wéi d'Fauscht op d'Ä...mä mir hu bestëmmt nach e sëlliche Talenter am Land, déi d'Chance nach net haben (oder wollten), fir méi grouss „eraus ze kommen“. Dofir verdéngt d'UGDA en extra waarme Merci, datt si elo well fir d'zweet bannent e puer Joer e Concours fir nei Theaterstécker ausgeschriwwen huet... e vun de ville klengen a grouss Schréck, bei deenen eis Sprooch „e Gielchen“ ugehaang kritt.

ACTIOUN LËTZEBUGESCH – EIS SPROOCH 53a Glesenerstrooss – L-1631 Lëtzebuerg-Gare Tél.: 470 612 – Fax: 222 490 e-mail: friedjan@pt.lu + faberre@pt.lu + lexroth@pt.lu Cotisatioun/Member: 13 Euro d'Joer – CCPL: 6644-48

EU-Sprooch

L.R. – An der Europa-Unioun si mir net méi wäit vun der Geschicht vum Tuerm-Bau vu Babel, an deem et 12 oder 15, vlächtt och 25 Sprooch gëtt: e Gejadders ouni Enn, wou kee méi deen anere verstee... d'EU hätt dann zugudderlescht eng Iwwersetzer-Verwaltung, déi (mathematesch beweisbar) alles spregt, wat ee sech „dolmetschereg“ virstelle kann. Bedenkt iech emol déi Traductiouns- an Drockkäschten: eng Milliarde-Euro-Klak! Mä wéi esou viles, wäert och dat de „Brësseler“ schnutzelgal sinn... et sief dann, d'Regëirungskapp zéien endlech d'Brens an engem „Conseil Européen“.

Vir äis Sprooch-Leit vun der A.L. geet et net drëm, ob mir eist Lëtzebuergesch an dee Sproochen-Trëndel wellen era kréien; schonn de Gedanken ass hiermiddegg... obschonn ee sech haut ka froen, ob dann elo an e puer Joer d'Maltesesch oder d'Islänesch méi Rechter zegutt kréie solle wéi eis legal Nationalsprooch. D'Sturheet vun de Fanatiker an de Chauvinisten aus grouss Länner mat immense Kultursproochen an der Fro vun enger „lingua franca“, enger enzezger „Dréinplacks-Sprooch“ um EU-Plang, ass ganz einfach lächerlech. Mat Verstand huet dat Ganz näischt méi ze dinn; nëmnen de „Prestige“ zielt nach fir déi meesch.

An eis Sprooch bei deem ganze Gedruddels? Mä déi ass et indirekt „entschold“, datt mir Lëtzebuerg am Fong dat mannste Krämpes mat enger „lingua franca“ hätten: duerch eis Sprooch-Situatioun si mir forcéiert, vu Klengem an direkt mat zwou Héich-Sproochen ze lieven; vill Lëtzebuerg vun 13 Joer un och mat Englesch dobäi: Europa- a Weltrekord! Gewëss, et kann een sech elo driwwer zermeeschteren, datt de Lëtzebuerg doduerch keng Sprooch gif zerguttet ze pake kréien, oder datt eist Schoulsprooch-System fir Mathematik, Physik, Chimie, Biologie asw. e Klompouss wier. Wien sech ower fir Leeschtunge vun eise Wëssenschaftler heihem an uechter d'Welt intresséiert, dee weess, datt „gutt Käpp“ net duerch d'lëtzebuergesch Sprooch-Spezialitéit gebremst gufen a ginn; äis lescht brillant Beispill de „Lion's-Präiss“ fir den Dr. Goedert... aus England! Mir Lëtzebuerg sinn also bei deer ganzer Saach zimlech „gutt erass“. Mä et kann e sech bal net virstellen, wat den Iwwersetzerproblem, an Zukunft och mat slavesche Sproochen an dem ungaresche „Finno-Anguresch“, an der Europa-Unioun fir e Waasserkapp kritt, ouni vun de wierklech enorme Käschten ze schwätzen...net auszedenen! Vlächtt wier just Lëtzebuerg an enger gudder Roll, fir ze verlaangen, datt dee pickege Sprooch-Problem op jidfer „Sommet Européen“ an der Diskussioun géng bleiwe, an zwar net um Kazen-Eeck vun „ronnen Dësch“, oder niwelanscht beim „pousse-café“!

Déi 6 westeuropäesch Grëndungslänner hate mat héchstens 2 Sproochen ze dinn: enger aus dem romaneschen an enger aus dem germanesche Sproochraum...wann een dat gutt mixt, da kënt do ganz kloer eng germano-romanesch Sprooch erass, wéi d'Geschicht dat an „England“ gewisen huet: d'Englescht, dat vu romn 3 Milliarde Mënschen op der Welt verstanen oder geschwat gëtt! Net ze vergiessen, datt des germano-romanesch Sproochmëschung haut an der Technik, dem Schëffs- a Flugverkéier, der Wëssenschaft asw. eng absolut global Roll spillt, laanscht déi eis EU sech net drécke kann, wann si net an hire Chauvinismen erstécke wëllt. All déi aner Sprooch sollen héich offiziell äis speziesche Kultur-Pilier e Garantie-Statut kréien oder behalen, deen hinne fir hirt Versueren a Weiderkomme sécher ass... an da si „mir“ och dobäi!

Monument Michel RODANGE

Mir soen all deene léiwe Leit merci, déi sech bis elo mat hirem Don an d'Lëscht vun de Frënn vum Monument fir eise groussen Dichter ageschriwwen hunn. Eise Merci geet och un de Comité-Directeur vum „Fonds culturel national“ an säi President, den Här Paul Reiles, fir hir Decisioun „d'accorder l'avantage fiscal aux donateurs qui sont prêts à soutenir le projet Monument Michel Rodange/Reenert à Wiltz“.

Domat steet dann elo fest, datt jidferen, deen normalerweis eng Steiererklärung muss maachen, d'Recht huet, fir vu 25 € un säin Don fir d'Monument „Rodange“ bei sengen „dépense spéciales“ ofzesetzen. D'Conditionn ass déi hei: Et iwwerweist/schéckt een säin Don op de Kont BCEE 1002/0100-3 vum „Fonds culturel national“, Motiv „Monument Michel RODANGE“; den „Talon“ kënn als Bewäis bei d'Steiererklärung. Mir melden äis an deem Sënn och bei deene Frënn, déi bis elo sou léif waren, hiren Don op de Scheck vun der Actioun-Lëtzebuergesch ze iwwerweisen. Wien normalerweis keng Steierdeklaratioun muss maachen, dee kann säin Don uewer op dee Schecknummer setzen, dee mir extra fir d' Monument opgemaach hunn, den CCPL 197316-18 (Actioun-Lëtzebuergesch/Monument Rodange).

An der KLACK Nr. 83 vum 28. September hoffe mir, de Plang an e „Bild“ bréngen ze kënnen, wou dir gesitt, wéi a wat dat Monument fir eise groussen Dichter a säi Meeschterwierk zu Wolz „op der Lann“ gëtt.

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Henri Marbes, Lex Roth, Roby Zenner, Marvine V. a Pol Wilmes Nächst Klack (83): 28. September 2002

... bleiwe wat mir sinn?

P.W. – Et muss een heiansdo e Steen an eng Fënster geheien, fir datt erëm anuecht geholl gëtt, datt Glas dran ass... vlächtt fir datt et net zevill zitt! Wien als iwwerhieflchen Zyniker onbedéngt den arroganten Intellektuelle wëllt erass hänke loosse, dee vergräift sech nawell gär un eppes, wat vun anere Leit héich veréiert gëtt, well et batter bezuelt ginn ass. E Beispill dofir hu mir bei deene gescheite Leit, déi sech an äis an anerer ëmmer erëm wëlle froen, wat datt mir dann eigentlech sinn, fir dat esou verbruet wellen ze bleiwen.

Entweder si wëssen et net, oder si wëllen et ënnert den Dësch kieren, datt eisen „Nationalsproch“ Mir wëlle bleiwe wat mir sinn an enger Zäit entstong, wou eist Ländchen als giedlege Schappnougat fir all Länner rondrëm gebraucht ginn ass. Schléisslech haten d'Preisen sech 1815 an d'Belsch 1839 de Krapp gutt voll Wëpple Lëtzebuerg gestoppt; d'Fransousen hunn zënterhier wéi Spuervullen op dat gestuerkt, wat nach iwwreg bliwwer war: genee eist Land vun haut! De Michel Lentz, deen de bekannte Sproch 1859 am „Feierwon“ esou geschriwwen huet, woussst genee, wouvun hie géng schwätzen, well hien als „décke“ Beamten an der Regëirungsverwaltung all Dieren an Dossieren opstoen hat; dohier kënn natierlech och deen „nationalisteschen“ Aschlag a ville vun senge Gedichter. Et gong an deer Zäit (an esouguer bis 1945) ëm net manner wéi déi souverän Existenz vu Lëtzebuerg. Mir fannen déiselwecht Suerg iwwregens och, an enger anerer Tounart, beim Michel Rodange erëm... an deer Zäit, wou den Akt ewell virbereet war, fir dem Napoléon III de Grand-Duché fir 5 Millione Goldfrang ze verklappen. Wier et äis dann haut besser? Wiere mir da méi „dichteg“? Gitt emol an d'Lorraine froen, vlächtt och an d'Areler Land...

Satiresch Texter a Gedankespiller vu grouss Geeschter kënnen eng flott Saach sinn; si kënnen den historesche Wouer ongestrooft verdréinen, op d'Schépp huelen oder einfach iwwergoen. Mir si frou fir si, datt een sech dat an eisem fräie Lëtzebuerg kann erlaben, wou all vollgefruppste Geck op d'Äis dierf danze goen... ower wat geschichtlech (dacks batter!) wouer ass, kann een och mat Spunnes net aus der Welt schafen.

Nordlicht-TV E Mëttwoch, den 3. Juli / Sonndeg, 7 Juli kënn dir é.a. um „Nordlicht“ eng Emissioun op der Plaz an och éischt Pläng mat engem Commentaire vum Monument MICHEL-RODANGE / REENERT zu Wolz gesin, do wou hien seng Fuisse-Geschicht geschriwwen huet.